



Manternach, den 1. Dezember 2007

CHAMBRE DES DÉPUTÉS

Entrée le:

03 DEC. 2007

Q2144

Här Lucien Weiler,
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
LËTZEBUERG

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bleden ech Iech, dës parlamentaresch Ufro un den Här Minister vum ëffentlechen Déngscht respektiv den Här Budgetsminister weiderzeleeden:

"Viru kurzem ass de Lëtzebuurger Staat vum Bezirksgeriicht Lëtzebuerg derzou verurteilt ginn, engem Fonctionnaire, Conservateur an der Nationalbibliothék, deen ënner Violatioun vun de gesezlech/reglementaresche Bestëmmungen bal fënnef Jar laang sénger Funktioun enthuewe war, eng Entschiedegung vun 20.000 Euro ze bezuelen. Ofgesinn vun dem Skandal, deen doranner besteet, datt de Staat iwer dës Zäit eng Pai bezuelt huet fir e Fonctionnaire, deen dru gehënnert ginn ass, fir sénger Aarbecht nozegoen, muss de Steuerzueler elo nach eng Kéier dofir an d'Täsch gräifen. Virun dësem Hannergrond géif ech gären dës Froen un Iech richten:

1. Wien ass ursächlech fir dës Dysfonctionnementer responsabel, politesch wéi administrativ?
2. Hutt Dir, als Verrieder vum Staat, eng Regressméiglechkeet géint déjéinech, déi fir dës Vergeudung vu Steiergelder responsabel sinn, a wa jo, hutt Dir wëlles, vun dësem Recht Gebrauch ze maachen?
3. Wa keng Regressméiglechkeet besteet, misst se dann nët geschafe ginn, fir sou Affären entgéintzewillrken?
4. Wat misst doriwer eraus ënnerholl ginn, fir datt sou skandaléis Dysfonctionnementer sech an Zukunft nët méi widerhuelen?"

Mat déiwem Respekt,

Roby Mehlen, Deputéierten